ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Dezember 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Mobbing a Gewalt an der Schoul ass keen neie Sujet. Allerdéngs huet de Wandel vun der Zäit, zu engem ganz aneren Ausmooss gefouert, net zulescht duerch d'Digitaliséierung, déi an eisem Alldag praktesch an all Liewensberäich present ass.

Eng Belästegung ka sech, ganz besonnesch am haitegen digitalen Zäitalter, séier zu enger ëffentlecher Demütegung iwwert d'Internet steigeren. Mobbing bannent dem Schoulraum ass schlëmm genuch a ka scho vill Schued am Betraffene verursaachen. Doduerch, datt déi awer zousätzlech an d'Welt erausgedroe gëtt, zougänglech fir eng Onmass vu Leit, an am Internet och iwwert d'Zäit bestoe bleift, verdéiwe sech déi ënnerlech Wonne vum Affer. D'Affer schummt sech dann nach méi, wat schliisslech tragesch endege kann, wann de Betraffene keen Auswee méi gesäit - am schlëmmste Fall mat Suizid.

Ëmmer méi dacks gi Schüler - vu kleng bis jugendlech - bei de Psycholog, fir mat enger Therapie gehollef ze kréien an de Wee an d'Normalitéit an an den Alldag zeréckzefannen. Dat geet natierlech net duer. Hei ass et dann och un der Schoul ze reagéieren, well wann den Täter keng Konsequenzen droe muss, an anerer ongestrooft weider drangsaléiere kann, kann och déi beschten Therapie dem Affer net zum ënnerleche Fridde verhëllefen.

Et goufen natierlech schonn esou munch Präventiounskampagnen organiséiert. D'Zuel vun de Betraffene wëllt awer net méi kleng ginn.

An dësem Kontext wéilt ech dem Här Minister gär folgend Froe stellen:

1) Bitt de Ministère reegelméisseg Formatiounen un, fir d'Léierpersonal ze sensibiliséieren? Wa jo, wéi sinn déi Formatiounen opgebaut a wat sinn d'Haaptziler dovunner? Sinn dës Formatioune fakultativ oder obligatoresch?
2) Wéi eng Direktive gëlle fir d'Schoulen, respektiv fir d'Léierpersonal, wann e Fall vu Mobbing detektéiert gëtt?

3) Et gëtt eng Rei vun Institutiounen an Organismen am Land déi sech speziell mam Jugendschutz beschäftegen. Mä gëtt et och eng spezifesch Ulafstell, wou d'Eltere kënnen Hëllef a Rot sichen, fir sech richteg ze verhalen, wa si mierken, datt hiert Kand Affer vu Mobbing ass? Wa jo, wat fir eng ass dat a kréien d'Eltere vun alle Schoulkanner dës Ulafstell präventiv, z.B. am Ufank vum Schouljoer, kommunizéiert?

4) Wat sinn, an den Ae vun der Regierung, déi heefegst Ursaache fir de Mobbing an der Schoul? Gëtt et Statistiken iwwert en typeschen Affer- an/oder Täterprofil? Wéi eng Moossname gi speziell am Beräich vum Cybermobbing geholl? Ginn d'Schüler sensibiliséiert, besonnesch elo, wou d'Regierung verstäerkt informatesch an digital Mëttelen an de Schoulen aféiert? Gëtt de respektvollen Ëmgang mat deenen aneren och an de Coursen, wéi z.B. am Fach *Vie et société*, thematiséiert?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten